S50+
Sécherheet mat vill Freed

E Projet vun der Klass T3CM-2

aus der École Privée Sainte-Anne

an zesummenarbescht mat:

Dir Dammen an Hären,

Am Kader vun dem Module “Gestion de projets” huet d’Klass T3CM-2 aus der École Privée Sainte-Anne vun Ettelbréck den 3. Februar 2018 een “Sécherheetsdag fir Leit vun 50+” organiséiert an Zesummenaarbecht mat der Police grand-ducale an den Senioren Sécherheetsberoder.

Et goufen verschidden Aktivitéiten zum Thema Sécherheet ugebueden.

Sécherheet op der Strooss, Sécherheet am Internet an Sécherheet Doheem waren Sujet’en déi an deenen verschiddenen Atelieren behandelt goufen.

An dëser Broschüre fannt Dir een Deel vun den Themen erem déi während eisem Sécherheetsdag erkläert goufen.

Mir hoffen, datt dës Broschüre wéi och d’Erklärungen vun eisen Experten zu méi grousser Sécherheet an ärem Alldag féieren wärten.

D’Schülerinnen vun der T3CM-2 aus der

ÉCOLE PRIVÉE SAINTE-ANNE ETTELBRÉCK

1. Sécherheet op der Strooss

2. Sécherheet am Internet

3. Sécherheet Doheem

SÉCHERHEET OP DER STROOSS

1	Sieft nach méi opmierksam op der Strooss wann d'Wiederkonditiounen schlecht sinn, passt op d'Warnsignaler op fir Accidenter ze vermeiden.	
2	Owes eng Täscheluucht benotzen fir eppes ze gesinn an och gesinn ze ginn.	
3	Während der Nuecht neonsfaarweg Armbänner benotzen fir Opmierksamkeet vis-à-vis vun den Automobilisten ze kréien. Mat esou engem Bändchen gëtt een bis zu 200 Meter gesinn, wougéint een ouni esou een Bändchen nëmmen op 50 Meter erkannt gëtt.	
4	Duerch d'Droen vun engem Sécherheetsgilet gëtt een op der Strooss vun den Automobilisten besser gesinn.	
5	Et soll een den Hond un enger gutt siichtbarer Lenkt halen an him och een gutt siichtbart Halsband undoen fir dass den Hond an den Hondsbesetzer gutt erkannt ginn.	
6	Keen Alkohol consomméieren wann een Medikamenter virun dem Fueren hellt .	
	Méi Informatiounen fannt Dir um Site *www.Silversurfer.lu* / *www.beesecure.lu* / *www.assb.biz*	

SÉCHERHEET AM INTERNET

1	**Clever klicken** Online-Bedruch kann deier ginn. Sieft opmierksam an loosst Iech vill Zäit. Wann Dir Iech bei eppes net secher sidd, dann klickt et net un.	
2	**Staark Passwieder benotzen** Een Passwuert besteet mindestens aus 12 Zeechen an aus Zuelen, grouss an kleng Buschtawen an Sonnerzeechen wéi ! ? *. Verschidden Uwendungen sollen verschidden Passwierder hun.	
3	**Identitéit schützen** Wat Dir méi perséinlech Daten am Internet bekannt gitt, wat den Risiko vun Cyberkriminalitéit an d'Luut geet.	
4	**Reegelmëissech Programmer aktualiseieren** Updaten sinn wichteg fir Sécherheet vun den Programmer. Passt op, dass all Programm deen Dir benotzt, respektiv all "Plugin" (Informatiouns-Dateien, déi et erlaaben, nei Funktiounen vun enger Software ze aktualiséieren)op dem leschten Stand ass.	
5	**Den Computer schützen** Een Anti-Virus Programm (Mcaffee, Avira) an eng aktivéiert Firewall sinn absolut noutwendeg.	
6	**Daten sécheren** Fir dass Dir keng Daten um Computer verléiert, soll Dir reegelméisseg Sécherheetskopien op engem externen Server maachen.	

Weider Informatiounen fand Dir um Site www.Silversurfer.lu / www.beesecure.lu / www.assb.biz

SÉCHERHEET DOHEEM

1	Eng Alarmanlag installéieren.	
2	Keng Dieren opmaachen ouni ze froen wien do ass.	
3	Een klengt Lach (Spioun) an der Entréesdier hunn fir ze kucken wien virun der Dier steet.	
4	Een Sécherheetsschlass un der Entrées-Dier installéieren.	
5	All Dieren an Fënsteren zou maachen, wann een net doheem ass, souguer d'Fënsteren nët op der Kipp loossen.	

SÉCHERHEET DOHEEM

6	Wann een géint der Owend fort ass, eng kleng Luucht am Haus uloossen.	
7	Post ofbestellen oder duerch Bekannten/Noperen d'Bréifboîte eidel maachen loossen wann een an d'Vakanz geet.	
8	Den Noperen Bescheed soen wann een méi lang net doheem ass, respektiv eng Persoun froen fir d'Rolllueden erop an erof ze maachen.	
9	De Schlëssel ni dobaussen verstoppen virum Haus (ënnert engem Teppech, Blummendëppen, etc.).	
10	Wann een an der Vakanz ass, keng Fotoen an den sozialen Medien veröffentlechen.	
	Fier mei Informatiounen kennt Dir beim Site *www.Silversurfer.lu / www.beesecure.lu / www.assb.biz*	

REMERCIEMENT

Mir soen Merci, dass Dir deen flotten Dag mat eis verbruecht hutt, an mir hoffen mir hunn Iech gehollef d'Sécherheet an ärem Alldag ze verbesseren.

Merci un d'Madame Viviane ESCHENAUER vun der Police Lëtzebuerg, déi eis mat Rot an Dot zur Säit stoung vun der éischter Iddi bis zur Ausféierung vum Projet.

Merci un d'Senioren Sécherheetsberoder an un d'Police grand-ducale, dass si eis ënnerstëtzt hunn an bereet waren verschidden Atelieren ze haalen.

Si hunn eis gewisen wéi een sécher E-Banking an E-Shopping mécht, respektiv hunn eis iwwer méiglech Geforen opgekläert. D'Atelieren Sécherheet op der Strooss an Sécherheet doheem hunn ganz vill Uklang bei den Leit fonnt an gehollef d'Sécherheetsgefill ze verbesseren.

An natierlech soen mir Merci dem Direkter vun eiser Schoul, dem Här Georges KAYSER, deen eis erlaabt huet d'Schoulinfrastruktur kennen ze benotzen.

An een ganz groussen Merci un eis Coachen, der Madame Nadine DIDIER an der Madame Josiane BOEVER fir hir grouss Ënnerstëtzung bei der Realisatioun vun dësem Projet.

D'Schülerinnen vun der T3CM-2

ECOLE PRIVÉE SAINTE-ANNE ETTELBRUCK